T’as Vakanz !

E klenge Bericht iwert den AllerJhangendags-Tour an Holland, deen dëst Joer duerch Lëtzebuerg gefouert huet.

Irrelermühle

Echternach

Biwels

5 Deeg duerch d'Lëtzebuerger Land mam Vëlo :

Vu Lëtzebuerg Zentrum bis Irrel (bei Iechternach) wor déi éischt Etapp. Deels iwert Vëlospisten, deels iwert kleng a knubbeleg Feldweër si mer gefuer. Vill vun eis huet deen Dag déi meeschten Ustrengung kascht, wahrscheinlech wore mir nach net arodéiert .Zweet Etapp vun Irrel iwert Veianen op Kautebach. Et geet iwert d'Eislecker Koppen. Vu Kautebach iwert Bauschelt op Pärel, ennerwee Besichtigung vum Wanseler Kraidergaart.Véiert Etapp vu Pärel op Scheedgen matt enger flotter Paus zu Schrondweiler, a lescht Etapp vu Scheedgen op Lëtzebuerg iwert Beidler (hannert dem Vëlosgelänner do kritt een e Patt !)

Während deene fënnef Deeg hate mir dat gudd Wieder op eiser Säit , an doduerch konnte mir déi schéi Landschaften duerch déi mer gefuer sin nach besser genéissen. Klatschblummen an de Weessfelder , souguer ee Kaarblume-feld hu mer begéint . Kleng Weër hu mer ausprobéiert, mol si mer erof an en Dall gefuer mol erop op eng Kopp (dei géisten wor vu Stolzebuerg op Pëtscht – 17%). Dës topographesh Ennerscheeder maachen de Charme vun der Landschaft aus. Als Tourist zu Lëtzebuerg as et interessant fir an den Hotellen ze iwernuechten an d'Restauranten auszeprobéiren. De Gust hat eng gudd Sélectioun gemaach a mir si nët enttäuscht gin. E Virdeel, wann den Tour duerch Lëtzebuerg fiirt: een, dee just een Dag wëllt mattfueren kann dat ouni Problem maachen. Am Ufank wore mir zu 8 Leit, zum Schluss zu 14.

Eng Vëlosvakanz, wou ech vill Energie getankt hun an déi ech nëmme kann uroden.

Fabiana

Kautenbach

Perlé

Sehr gefährlich . . .

besser, und so einfach !